N° 6720
Entrée le 14.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6720 vum 26. August 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

Entgéint de Behaaptunge vum Honorabelen Deputéierten an der Aféierung op seng parlamentaresch Fro gëtt déi läscht Editioun (2021) vun der Frankfurter Buchmesse (FBM) souwuel um Site vum Kulturministère, wéi och op culture.lu an um Site vu Kultur | LX dokumentéiert[1].

1. Esou wéi dat fir 2021 de Fall war, organiséiert och dëst Joer Kultur | lx – Arts Council Luxembourg d'Lëtzebuerger Presenz op der FBM, dat vum 19. bis den 23. Oktober 2022.

2. 2022 wäerten um Lëtzebuerger Stand Nr. G26 an der Hal 3.1 op 24m² 10 Verlagshaiser vertruede sinn, déi insgesamt 37 Publikatiounen an de Genrë Fiktioun, Non-Fiktioun souwéi Kanner- a Jugendbicher presentéiere wäerten, dat a 5 Originalsproochen: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch, Englesch, an Italienesch.

   D'Editiounshaiser déi deelhuele sinn: Black Fountain Press; capybarabooks; Editions Guy Binsfeld; Editions Schortgen; Ernster Editions; Hydre Editions; KIWI E.L.G.; Kremart Edition; PassaParola Editions; PersPektiv Editions.

3. Den aktuelle previsionnele Budget dee vu Kultur | lx fir d'Lëtzebuerger Presenz op der FBM virgesinn ass, beleeft sech op 130 000 Euro. Dorënner falen ënnert anerem folgend Käschten: d'Locatioun, den Design an d'Logistik vum Stand, den Transport vun de Bicher, d'Prise en charge vun de Fraise vun den Editeuren an Editricen déi un der FBM deelhuelen (Rees- an Hotelskäschten), d'Publikatioun vun dräi Kataloge fir de Verkaf vu Rechter, Fraise fir Kommunikatioun souwéi och fir Networking-Eventer.

4. D'Erausfuerderung vun enger Presenz op der FBM ass an éischter Linn, d'Visibilitéit ze garantéieren an d'Lëtzebuerger Editiounshaiser a Kontakt ze setze mat internationale Fachleit aus dem Bichersecteur, mam Zil Rechter a Lizenzen ze verkafen oder ze kafen.

   D'FBM ass grondsätzlech eng B2B Foire a Kultur | lx ass aktuell a Kontakt mat internationalen Editeuren, Agenten a Journaliste fir d'Lëtzebuerger Presenz zu Frankfurt ze preparéieren. En Networking-Event tëschent Lëtzebuerger Editeuren/Editricen an internationale Fachleit fënnt zum Beispill den 20. Oktober 2022 statt.

   Am Virfeld vun der Foire organiséiert Kultur | lx verschidde Workshops fir d'Editeuren/Editricen ze begleeden an z'ënnerstëtzen, fir Terminer ze maachen an hiert Netzwierk weider auszebauen.

1

mc.gouvernement.lu :
https://mc.gouvernement.lu/fr/actualites.gouvernement%2Bfr%2Bactualites%2Btoutes_actualites%2Bcommuniques%2B2021%2B10-octobre%2B22-tanson-buchmesse.html

culture.lu :
https://www.culture.lu/blog/articles/interviews/de-jean-philippe-rossignol-iwwert-dfrankfurter-buchmesse-dletzebuerger

kulturlx.lu :
https://www.kulturlx.lu/en/event/books-from-luxembourg-fbm-uk/
https://www.kulturlx.lu/en/media-resources/press-kit-frankfurter-buchmesse/

Wat d'Sensibiliséierung vun der breeder Ëffentlechkeet ugeet, ass d'Kommunikatioun mat der Lëtzebuerger Press an d'Diffusioun vun den Informatiounen an de Lëtzebuerger Netzwierker (an doriwwer eraus) fir Mëtt September virgesinn. Et ass effektiv immens wichteg, d'Dynamik vun der lëtzebuergescher literarescher Kreatioun engem lokale Public nach méi bewosst ze maachen.

5. De Lëtzebuerger Stand konzentréiert sech op dat generellt Thema vun der dësjäreger FBM: "Translate. Transfer. Transform." a wäert keng Themen zum Krich an der Ukrain ubidden.

Lëtzebuerg, de 14. September 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson